n° 3034

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/10/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Fir d'Zuel vun de Neiinfektioune mam Coronavirus auszebremsen, huet de belsche Bildungsministère d'Allerhellegen-Vakanz ëm bal eng Woch bis op den 11te November verlängert. Vu, datt d'Zuel vun de Covid-19-Neiinfektiounen hei am Land an de leschten Deeg explodéiert ass, kéint een dës Mesure eventuell och hei applizéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de Bildungsminister Allerhellegen-Vakanz an de Schoule verlängeren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

**Le caractère urgent de la question a été reconnu (23.10.2020)**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3034 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

De Bildungsministère gesäit net vir, d'Allerhellegevakanz ze verlängeren.

Et sief an deem Kontext preziséiert, datt e Suspendéiere vum Schoulbetrib andeems d'Allerhellegevakanz géif verlängert ginn, nëmme Sënn géif maachen, wann déi aner Aktivitéiten an eiser Gesellschaft och géife reduzéiert ginn.

Nëmmen de Schoulbetrib ze reduzéieren, kéint sech souguer als kontraproduktiv erweisen, well sech dann déi Jonk iwwer eng länger Zäit ausserhalb vum gereegelte Kader vun der Schoul géifen treffen, wat de Risiko vun Ustiechunge géif vergréisseren.